PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

QP N°2247

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:49, 20/05/2020

Lëtzebuerg, den 19/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.

Den däitschen Bundesauftragte fir Dateschutz an Informatiounsfräiheet huet rezent rappelléiert, datt d'Benotze vun der Applikatioun «WhatsApp» fir Ministeren an Institutiounen net konform zu den Dateschutzbestëmmungen ass. Hien weist ënnert anerem drop hin, datt de Staat eng Virbildroll huet, wann et ëm Dateschutz geet.

Duerch d'Benotze vun dëse Plattforme ginn all Kéiers Metadonnéeë vun de Benotzer un déi jeeweileg Konzerner weidergeleet. Dëst biergt e gewësse Risiko fir d'Confidentialitéit vun dëse sensibelen Donnéeën.

An der Äntwert op meng Question parlementaire n°1754 gouf präziséiert: „Mam CTIE a mat den Nationalarchiven huet de Staat en elektroneschen Archivsystem an d'Liewe geruff, deen eng Konservatioun op laang Dauer, an a Konformitéit mat den internationalen Normen erméiglecht. Mat dësem System ginn d'Integritéit, d'Authentizitéit, d'Perennitéit an d'Lisibilitéit vun den Donnéeën op Dauer garantéiert.»

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt an de Ministèren op Applikatiounen, wéi «Facebook-Messenger», «WhatsApp» oder «Viber» zréckgegraff ? Wa jo, gedenkt den Här Minister dëst an Zukunft aus Dateschutzgrënn ze ënnerbannen ?

2. Leeft eng vun dësen Applikatiounen ob den Déngschthandye vun de Ministeren ? Wa jo, gedenkt den Här Minister dëst an Zukunft aus Dateschutzgrënn ze ënnerbannen ?

3. Ass ugeduecht, d'Kommunikatioun tëscht Regierungsvertrieder oder Institutiounen an Zukunft iwwert eng verschlësselt, sécher Verbindung ze assuréieren ?

4. Falls déi ugefouerten Acteuren op dës Applikatiounen zréckgräifen, ginn dës Donnéeën no deem Prinzip archivéiert, wéi en an der Äntwert op meng Question parlementaire n° 1754 erkläert ginn ass ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2247 du 19.05.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Applications de messagerie dans la fonction publique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés